

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 20. August 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzég Sécherheet weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro (N°4566) präziséiert den Här Minister, datt déi eidel Gebaier um Cents, zu Rammerech, zu Nidderaanwen an zu Groussbus reaffektéiert ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Minister:

- Zu wéi engem Zweck ginn déi genannte Gebaier reaffektéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 13 -09- 2021

**Objet : Question parlementaire n°4885 du 20 aout 2021 de Monsieur le Député Fred Keup
concernant la fermeture de commissariats de police**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous
rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4885 vum 20. August 2021 vum honorabelen Députéierten Fred Keup

Woubäi d'Affektatioun vu Gebaier vum Staat net an den Attributiounen vun der Police oder dem Minister fir bannenzeg Sécherheet läit, si folgend Informatiounen der Police bekannt:

1. D'Raimlechkeete vum Kommissariat um Cents ginn an Zukunft weider fir intern Besoine vun der Police benotzt.
2. D'Gebailechkeete vu Rammerech a vun Nidderaanwen hat d'Police bei de jeeweilege Gemenge gelount. Deene Gemenge gehéieren dës Gebailechkeeten also weiderhin.
3. D'Gebai zu Groussbus ass un de Staat zeréck gaangen a gëtt weiderhin och vun der Naturverwaltung genotzt.